snppl
Syndicat National des Pompiers Professionnels du Luxembourg

# Generalversammlung 2023

## Bob Jungers

Wéi séier awer Zäit vergeet, lo feiert de CGDIS an e puer Deeg schonn säi 5. Gebuertsdag.

No 5 Joer ass e gudde Moment, e Bilan ze zéien an ze kucken wou een dann elo drun ass.

Dëst huet sech och eis Inneministesch d'Mme. Bofferding geduecht, an eis empfaangen fir mat eis iwwert d'Upassung vum CGDIS ze schwätzen; mir hunn dës Aluedung gären ugeholl an eis Fuerderungen nach emol matgedeelt, ënnert anerem, dass et no 5 Joer endlech Zäit ass dat Verspriechen an ze léisen dat schon den Dan Kersch eisen Kolleegen aus den administrativen Karriären ginn huet, an si elo endlech ze fonctionariséiern. Ausserdeem hu mir drop higewisen, dass haut no 5 Joer CGDIS d'Effectiffen an der Karriär B1 net méi zäitgeméiss ass. Mir waren erfreet, dass d'Texter mat den deementspriechenden Ännerungen nach virum Summer sollen op den Instanzewee goen.

Et ass och Zäit no 5 Joer, dass d'Postes à responsabilité paticulière um Terrain ukommen, eis ass bewosst, dass dëst keen einfachen Job ass an trotzdeem hu mir bei de Responsabelen vun der DAF, mat virop dem Direkter, Drock gemaach fir dass dës Posten sollen sou séier wéi et méiglech ass ermëttelt ginn. Et ass fir eis selbstverständlech, dass déi 30% vun de Posten equitabel an de Servicer musse verdeelt ginn.Genausou selbstverständlech ass et fir eis, dass der Erfarung an der Responsabilitéit déi eis erfuere Kolleegen mat bréngen muss Rechnung gedroen ginn. Och dëst hu mir a verschiddene Reuniounen kloer zum Ausdrock bruecht. An déi Responsabel hu sech optimistesch gewisen de Prozess nach dëst Joer of ze schléissen.

Et ass fir eis och de Moment fir en Ausbléck no fir ze woen an ze kucken wou mir histeieren, an duerfir géing ech gären verschidden Punkten mam Beispill vum 112

illustréieren, dëst net well d'Situatioun hei katastrophal wier, am Géigendeel mir haten eng Partie ganz konstruktiv Entrevuen, an et ass och e flotte Projet lancéiert ginn den e Splitting tëschent der Aarbecht um CSU an dem Déngscht an engem CIS soll erméiglechen.

Mee well et schéngt wéi wann den 112 senger Zäit viraus wier; hei ass den Trend op ëmmer méi standardiséiert Léisungen, mat der Zäitfënster als Haapt-Qualitéitscritère, säit enger Rei Joren, de Credo gewiescht.

Quantitéit viru Qualitéit, dës Motivatioun fanne mir souwuel an der Formatioun erëm, wou d'Zuel vun den ugebuedene Coursen sou grouss ass, dass d'Instrukter kaum d'Méiglechkeet hunn nei qualitativ héichwäerteg Coursen aus ze schaffen, wéi och am operationellen, wou gären propagéiert gëtt, dass duerch méi Kasären méi niddreg Asaatzäiten erreecht ginn.

Iwwert den Impakt déi des Ëmstrukturéierung op den Aarbechtsalldag vum Pompjee huet, mécht schéngt een sech weider keng Gedanken ze maachen.

Ëmsou méi freet et eis, dass mir an eisen Entrevuen mat de Responsabelen vum CSU en Ëmdenken konnte feststellen a mir hoffen, dass dann och hei den 112 eng Virreider Roll huet an dëst Ëmdenken an den nächste Joren och am ganze CGDIS wäert ze spiere sinn.

Wech vun ëmmer méi Kasären, méi Asätz, a Sekonne feilschen bei den Asaatzzäiten; hin zu méi Qualitéit an Aarbechtskonditiounen déi de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen.

Den 112 war och an d'Schlagzeile komm, nodeems et hei e puer Departen gouf, dëst war den Ausléiser fir e groussen Deel vun eisen Reuniounen zum Thema Aarbechtskonditiounen an dësem Service mat dene Responsabelen. Déi eigentlech Dramatik ass awer guer net déi, dass hei e puer Leit sech fir en anere Wee entscheet hunn.

Dëst Phänomen wäerte mir an Zukunft méi oft erliewen, well et hei en Ëmdenken an der Gesellschaft gouf.

Dramatesch ass et Kolleeginnen a Kolleegen, dass e mol guer net méi probéiert huet dës Leit intern ze ersetzen an dat aus enger grad sou einfacher wéi brutaler Erkenntnis eraus.

Et gëtt am ganze Lëtzebuerger Land net keen CIS den haut och nëmmen op een eenzege Beruffspompjee kéint verzichten.

Am Contraire quasi all CIS ass ënnerbesat an ëmmer méi oft stinn Zentercheffen virun der Wiel besetzen ech mäi Won falsch also net mat dem qualifizéiertem Personal oder besetzen ech de Won net.

De Fakt, dass et haut scho net méi méiglech ass och nëmmen en Depart um 112 duerch e Beruffspompjee ze ersetzen, an dass en fir des Aufgab elo ob Employéen muss zeréck gräifen, déi déi selwecht Aarbecht fir manner Pai musse maachen dierften awer och dem leschten als Beweis duer goen, dass hei kee Problem ob eis duer kënnt, mee dass d'Kand schonn am Pëtz läit Kolleeginnen a Kolleegen.

Iwwerraschend koum dëst kengeswees, a mir hunn oft gewarnt, elo ass d'Urgence do, Kolleeginnen a Kolleegen an et muss en mat Héichdrock u Léisunge schaffen.

Nodeems eis Aussoen iwwert de Rekrutement d'lescht Joer fir e bësselchen Opreegung gesuergt hunn, kënne mir dëst Joer awer konkret Fortschrëtter an dem Domaine gesinn.

Leider gesäit et och esou aus wéi wa mir dëst Joer d'Zil vun dene 60 Rekrutten net erreechen, mat enger Sessioun déi ausgefall ass an zwee moren Joren mécht dat haut e minus vun 80 Beruffspompjeeën déi eis ELO um Terrain feelen.

An ech wëll hei nach emol betounen , dass dës Leit net gebraucht ginn fir dem fräiwëllege Pompjee Konkurrenz ze maachen. Dës Leit ginn nieft engem Volontariat gebraucht, dat haut selwer mam Personalmanktem kämpft.

Wourun läit et also? Schwetzt een mat de Kollegen vun der Police oder aneren Administratiounen mierkt een séier, dass de Pool u recevabelen Kandidaten am C1 ëmmer méi kleng gëtt.

Wat kann een dann elo maachen? Et kéint een op d'Idee kommen massiv am Ausland ze rekrutéieren, dëse Wee ass am Santéssecteur gaange ginn an haut probéiert een do nees eraus ze kommen, eis zivil Sécherheet muss eng national Prioritéit sinn, dëst ass fir eis also sécher keng Léisung.

Eng Karriär ënnert dem Beruffspompjee aféieren? Och dëst ass fir eis en absolutten NoGO wëssen dass de Pompjee schon haut op der Karriärsleeder ganz wäit ugesidelt ass.

Den eenzege Wee den eis praktikabel schéngt wier den wéi an aneren Beruffer och de Rekrutement op de B1 aus ze breeden. Heifir mussen natierlech déi néideg Konditioune geschaf ginn, an déi Kolleegen mat der meeschter Erfarung oder déi hir Diplomer haut schon hunn dierfen net bei d'Lisette gelooss ginn.

Dës Propose léif Kolleegen wäert net näischt kaschten mee et geet em d'Sécherheet, an et geet drëm ze verhënneren nach emol an eng Situatioun ze kommen wéi mir se

an de Joren em 2010 haten, wou mir hu missen ad hoc Leit astellen a mer dësen mol keng Formatioun konnten erméiglechen.

Hei läit e laange Wee virun eis an trotzdeem maache mir eis hei fir Iech staark.

Mee net nëmmen de CGDIS feiert 5 Joer och MIR den SNPPL hunn e ronne Gebuertsdag

5 Joer sinn et hir dass mir den SNPPL gegrënnt hunn, an och fir eis ass et Zäit no 5 Joer e Bilan ze zéien an dëse léisst sech weisen:

Nieft enger Hellewull un Dossieren an dene mir är Interessen vertrieden, an wou ech lo hei keng Opzielung wëll maachen, hu mir mat eisem Newsletter den haut vun iwwer 500 Leit abonéiert ass e wichtege Kommunikatiounsvecteur geschaf.

Mir si fest verankert an eescht geholl an der CGFP

Eis Memberszuelen gi lues awer steteg an d'Luucht um Dag haut hu mir net manner wéi 430 Memberen

Trotzdeem sichen mir wou mir eis verbessere kënnen hei wäerte mir de Fokus zum engen op eis administrativ an organisatoresch Strukture leeën, zum aneren hu mir beim administrativen an techneschen Personal nach net déi Presenz déi mir eis wënschen.

No 5 Joer sinn ech houfreg, dass mir haut an eisem Comité nach ëmmer 8 Grënnungsmemberen derbäi hunn an et gläichzäiteg fäerdeg bruecht hunn, eis nei Memberen an d'Prozesser mat an ze bannen, et freet mech och besonnesch, dass ëmmer nees Memberen un eis eruntrieden déi eis an eiser Aarbecht ënnerstëtze wëllen, dëst ass haut net selbstverständlech an duerfir wäerte mir dëst Joer alles dru setzen dës Leit sou effikass wéi méiglech mat an ze bannen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen lo hunn ech laang genuch geschwat, e groussen Merci un eise Comité awer och e grousse Merci un Iech all.

Domat iwwerginn ech dann dem Claude d'Wuert fir de Keesebericht.